



# D'GAMELLE




E Bliedchen vun de  
**Luerenzweiler Guiden a Scouten**

## Redaktiounsuschrëft

GAMELLE GmbH & Co. KG  
71A, route de Luxembourg  
7373 Luerenzweiler  
GSM : 091 30 97 37  
em@il : gamelle@lgslorenzweiler.lu

## Chefredakter

LINCKELS Sven



## Redaktioun

Biber  
Wellefcher  
Avex  
Carapio  
Raro  
Cheffen vun sämtlechen Branchen  
Gruppchääff

## Oplo

120 Stéck

## Nummer

N° 14 erauskomm de 15. November 2003

## Wat as dran?

### SÄIT

- 1 Cover
- 2 Impressum & Inhalt
- 3 Virwuert  
... vum Gruppchef
- 4 - 5 Wichteg Adressen
- 6 - 7 Biber  
... Weekend zu Colmar-Bierg  
... Weekend zu Medernach  
... 1. Mee
- 8 - 10 Wiwel  
... Camp 2003  
... Montées Weekend
- 11 - 15 Avex  
... Camp 2003  
... Weekend zu Ischpelt  
... Weekend zu Medernach
- 16 - 22 Carapio  
... Camp 2003  
... WE mat Behënnerten  
... Buergbrennen  
... WE op der Paafemillen  
... Weekend zu Wäicherdang  
... Weekend zu Brugges
- 23 Raro  
... JOTI
- 24 Memberlëscht 2001/2002

E puer Wuert vum ...

# Gruppechef

Alt ass schon nés e Joer em. Ech well op dëser Plaaz all eise Cheftainen a Chef Merci soen fir déi vill geleeschten Aarbecht bei eis am Grupp. Dëse Merci ass schon eng aal Leier, mee en ass wichteg, et kann



een en nët oft genuch widerhuelen. Mir haaten keen ganzt einfacht Joer, well en etlech vun eise Cheftainen op Première waren an dowéinst net vill an d'Versammlungen konnte kommen. Verschiddener sin och lo am Hierscht op der Uni a sinn dowéinst natierlech och nemmen nach selten dabei. Dëst ass jo op eng Manéier schued, mee d'Schoul geet egal wéi vir. Mee mir brauchen net traureg ze sin, well et kommen der emmer nés no, nei jonk Chef, déi léieren Verantwortung ze kréien an ab und zu sin och alt mol nés méi aal Chef, déi fréier eng Chefcharge haaten, an elo nés fresch motivéiert sin. Dëst freet mech ganz besonnesch. Et geet en etlech Leit, deenen eise Grupp ganz déif an d'Härz gewues ass.

E speziellen a ganz grouse Merci geet awer och un eisen Aumonier, de Pit Reuter. Zenter daat de Romain am Oktober 2002 op Déifferdeng gaang ass,

huet de Pit seng nei Charge ugeholl, an hien mecht dat mat ganz vill Freed an och ganz vill Präsenz. Hien probéiert sou oft wéi méiglech bei eisen Aktivitéiten, Grupperéit, Weekender, Campen dabei ze sin. Hien ass och ganz gudd opgeholl gin vun eise Chef a vum ganze Grupp. Dëst ass lo net iechentwelleget Gelaabers, mee

***“Ma deen do ass  
wirklech cool !”***

dat stemmt. Ech hun z.B. aus dem Mond vu Leit héieren, deenen ech dat net zougetraut hätt, déi sooten: "Ma deen do ass wirklech cool". E grouse Merci un de Pit fir seng Méi a seng Zait.

Ech wenschen Iech alleguer e flott an erliewnisräicht Guiden- a Scoutsjoer 2003/2004.

Jemp Beck



# Wichtig Adressen

## BIBER

**BIDOLI Renée**  
8, rue de Mersch  
7432 Gosseldange  
TEL : 32 79 69  
GSM : 021 784 250

**BRÜCK Mich**  
36, rue Principale  
7450 Lintgen  
TEL : 32 83 82

**KRECKÉ Elisabeth**  
18, rue de Mersch  
7432 Gosseldange  
TEL : 32 81 38  
GSM : 021 768 176

**MENSTER Annick**  
23, rue Belle-Vue  
7350 Lorentzweiler  
TEL : 33 73 30  
GSM : 091 337 330

## WIWEL

**BICHLER Fanny**  
TEL : 33 73 08  
GSM : 021 214 989

**BRÜCK Dada**  
TEL : 26 32 12 84

**BRÜCK Paul**  
36, rue Principale  
7450 Lintgen  
TEL : 091 785 848

**DOSTERT Mich**  
GSM : 021 421 805

**FOURNELLE Germain**  
8, rue Belle-Vue  
7350 Lorentzweiler  
TEL : 33 81 70  
GSM : 021 758 116

**HÖFLIGER Tessy**  
TEL : 33 98 74  
GSM : 021 393 494

**JACOBS Marianne**  
TEL : 32 86 89  
GSM : 021 613 413

**MASSOL Melanie**  
GSM : 021 282 427

**WEBER Men**  
140, route de Luxembourg  
7241 Bereldange  
TEL : 44 94 47  
GSM : 021 135 159

**WENGER Julie**  
TEL : 32 91 96

## AVEX

**BECK Jemp**  
5, rue des jardins  
7325 Heisdorf  
GSM : 021 750 159  
Arbecht : 33 72 68 23

**BISENIUS Ben**  
2, rue Bëll  
7432 Gosseldange  
TEL : 32 67 08  
GSM : 091 620 377

**MOLITOR Ben**  
Z.I. Langwiss  
6131 Junglinster  
GSM : 021 303 431

**MOLITOR Anne**  
149, route de Luxembourg  
7374 Helmdange  
TEL : 33 73 88  
GSM : 021 753 818

**MULLER Ernestine**  
B.P. 19  
7205 Lorentzweiler

## CARAPIO

**BOURMER Fränk**  
GSM : 021 130 464

**LINCKELS Sven & MAES Myriam**  
71A, route de Luxembourg  
7373 Lorentzweiler  
TEL : 26 33 20 62  
GSM (Myriam) : 091 332 018  
GSM (Sven) : 091 309 737

**NEY Carole**  
5, rue des jardins  
7325 Heisdorf  
TEL : 33 60 88  
GSM : 091 339 812

**PANETTA Nico**  
28, rue Kreizert  
7453 Lintgen  
TEL : 32 95 42  
GSM : 021 253 953

**SCHROEDER Ander**  
4, rue Paul Eyschen  
7317 Steinsel  
TEL : 33 03 32  
GSM : 021 730 814

**RARO**

**HÖFLIGER TESSY**  
173, cité Roger Schmitz  
7381 Bofferdange  
TEL : 33 98 74  
GSM : 021 393 494

**PEUSCH Mireille**  
21a, rue de Blaschette  
7373 Lorentzweiler  
GSM : 021 223 200

**5. BRANCHE**

**WEBER Men**  
140, route de Luxembourg  
7241 Bereldange  
TEL : 44 94 47  
GSM : 021 135 159

**GRUPPECHEF**

**BECK Jemp**  
5, rue des jardins  
7325 Heisdorf  
GSM : 021 750 159  
Arbecht : 33 72 68 23

**KEESSIERE**

**EVERAD Chantal**  
3, rue de Blaschette  
7373 Lorentzweiler  
TEL : 32 65 75  
GSM : 021 144 951

**CAMIONETTE**

**PAULUS Alain**  
27, rue de Helmdange  
7360 Helmdange  
TEL : 33 72 56  
GSM : 091 340 014

**GRUPPEKÄCHE**

**MULLER Ernestine**  
B.P. 19  
7205 Lorentzweiler

**DEN LGS SHOP ...**

**... as ze fannen :**

an der Stad am Convict  
Bloc G um 1. Stack  
5, avenue Marie-Thérèse

**... as op :**

Dönschdes a Mëttwochs  
vun 15:00 bis 18:00  
Donneschdes  
vun 15:00 bis 19:00  
ausser an de  
Schoulvakanken!

**... as ze ereechen :**

ënner dem  
TEL : 44 7 43 313  
oder per  
EMAIL : shop@lgs.lu





**Weekend zu Colmar-Bierg****Am Chalet Hirsch****18. an 19. Januar**

Mir hun ons alleguerten Samsdeg mettes um 14.00 Auer beim Foyer getraff. Wei mir all komplett ware, sin mir mat den Autoen op Colmar-Bierg gefuer. D'Biber hun sech dun agericht an hun hiren Elteren Aeddi gesot an sin och direkt eraus spille gangen. Mir Chefen hun ons och agericht an



wollten mat der Versammlung ufäanken. Mä dun hate mir e klenge Problem. Onse Brian hat sain ganzt Been am Gips an hien wor mam Rollstuhl do. Well ons Biber awer esou hellefsbereet sin, wollten sie dem Brian weisen, wou sie schloffen (de Brian as owes heem gangen an koum Sonndes moies erem). De Chalet Hirsch as handikapeiertegeresch agericht, also wor och e Lift do. An ewei den dann lues a lues mam Brian eropgangen as, as een opemol stoe bliwen, an onse Brian soutz mat sengem Rollstuhl drop. An waat elo? Dun as de Brian mol irgendwie erof komm an mir hun mir den Responsablen vum Chalet geruf, an den huet de Lift dun repareiert. Dun konnten mir mat e weineg Verspeidung mat onser Versammlung ufänken.

Well d'Thema INDIANER war, krutten

d'Biber als eischt mol eng Geschicht verzielt vun den Indianer. Mir hun och nach e puer Spiller gemeet an hun ons Indianer-Kleeder gebastelt. Mä dun wor et och schon Zait fir d'iessen. Nom lessen konnten d'Biber nach op hiert Zemmer e weineg spille goen an mir Chefen hun gespult an d'Veille virbereed. Als eischt hun dei nei Biber hirt Versprieche gemeet. Sie kruuten dun och hire Foulard. Um 22.00 Auer sin Kanner dun hire Pyjama undoe gangen an hun hir Zäänn gewäsch. Mir hun ons dun an de Biber hirem Dortoir versammelt, fir hinnen nach eng Geschicht virzeliesen. No der Geschicht hun sie nach e weineg zesummen geschwaat an dun hun sie awer geschlof.

Sonndeg moies nom Kaffiundrenken sin d'Carole an d'Nic mam Martine schon ukom. An natirlech och de Pol. Mir sin dun an Schwemm gangen. Nom Schwammen haten mir natiirlech decken Honger. Onse Brian war och schon erem ukomm. D'Carole an d'Nic hatten ons gudd Spaghettie Bolognaise gekacht. Nom lessen an Spullen huen Biber hir Sachen zesummegepackt. Sie hun dun dobausen nach mam Pol gespilt an mir hun ugefangen matt botzen an raumen. D'Elteren sin hir Kanner dun och schon gleich siche komm, an mir konnten alles faerdeg raumen an och heem fueren. Et wor e flotten Weekend.



## Weekend zu Medernach am Chalet à Les trois Étangs

**5. an 6. Juli**

Mir sin mat den Autoen op Medernach gefuer. D'Biber hun hiren Elterern Äddi gesoot an hun hir Saachen ausgepackt. Zu Medernach as e wonnerscheine Besch beim Chalet, wou d'Biber och de ganze Weekend rondrem spille konnten. Wei d'Cheffen alles ausgepackt hatten hun mir mat der Versammlung ugefangen. Thema vum Weekend wor WALD DISNEY. Mir hun d'Geschicht vum Rox an Roxy virgelies an derzweschend hun mir Spiller gemmet. D'Biber wollten nach an hir Höll am Besch goen, eier mir iesse geifen. Ewei de Philippe dun och do war, hun mir zu Nuecht gies. D'Biber hatten hire Pick-Nick matbruecht. Nom lessen hun mir zesammen gespult. Herno hun mir onse BIBER T-Shirt gemolt an nach verschiedenen Zeichnungen zum Thema WALD DISNEY. Dun wor et och schon Zait fir de Pyjama unzedin an sech faerdeg ze machen fir an d'Bett. Biber krutten nach eng Geschicht virgespilt eier et dun an d'Bett gangen as.

E Sonndeg de moien nom Kaffi drenken hun dei eng Kanner gemolt an dei aner sin erem an de Besch spille gangen. Nom Mettegiessen hun mir zesammen gespult an geraumt an hun nach dobaussen gespilt. Am Nometteg hu mir nach Pangescher gies an dun sin d'Elterern hir Kanner och schon siche kom. Mir Chefen hun nach alles faerdeg debotzt an geraumt an sin dann och heemgefuer.

# 1. Mee

Nodeems mir ons um 9.00 Auer alleguer beim Altersheem zu Boufer getraff hun, sin mir mat den Autoen an de Boufer Besch gefuer. D'Biber hun dun e weineg am Besch gespilt, eier si dun Blieder hu mis-



sten sammeln fir de Meekranz ze machen. Dun gouf et och esou lues Zait fir d'Feier unzufänken, well dei eischt Kanner hatten schon Honger. Alls eischt hun dei mei grouss dene mei klengen missten hellefen de Spiess ze machen. Nom lessen hun mir dun nach onst traditionnelt "Buldogerspill" gespilt, an dun wor et och schon Zait sech op de Wee ze machen fir erem bei d'Altersheem, wou d'Elteren schon op ons gewaart hun.





## Wellefcher Camp 2003 zu Miersch

Dëst Joer haaten d'Wellefcher hiere Camp zu Miersch. Vum 31.08 bis den 5.09 haate mir mega Spaass an der "MERSCHoni-Wüst". D'Thema vum Camp war 1000 und 1 Nacht.

D'Kanner si Sondes den 31.08. moies ukomm. Si hun sech ageriicht an hieren Pick-nick verbotzt. Nom lessen haate mir mat hinnen eng Afféierungs-Véillée gemach.

Owes huet d'Fanny dann eppes leckeres gekacht (mmmhhh). Nom Festmahl hun d'Kanner een 1000+1 Nacht-Quiz gemach.

Méindes moies nom Kaffi drenken kruuten d'Kanner erkläert waat Henna a Bindien sin a konnten sech dunn och domat dekorieren.



No engem weideren wonnerbare Mëttegiessen ass et an d'Natur gaangen. Mir hun verschidden interessant Spiller gemach woubäi mir d'Natur vun e bessi méi no kennegeleiert hun.

Owes hun d'Cheffen dunn eng herrlech Geschicht vun de Kanner präsentéiert kritt.

Den Dag drop, Dënsdes, hun d'Wellef Wunderlampen aus Salzdeeg gebastelt. D'Fanny hat eis alt rem eng Kéier e Genoss zesumme gezaubert, an duerno hun mir d'Gänsepillt gespillt. Owes nom lessen as dunn de Philippe mat der Guitar an den Här Paschtouer mam Fotoapparat laanscht komm a mir hun e wonnerbaren Owend mat Theater a Gesang verbruecht.

Mëttwochs huet et du geheescht "d'Rucksäck ob de Bockel" a mir hun e Rally duerch d'MERSCHoni-Wüst gemach. Wéi mir owes nees zreck am Chalet waren, hu mir no engem exzellenten, vum Fanny gekachten Menu eis gudd waarm ugedoen a fir d'Nuetspill virbereet. D'Kanner wore begeeschtert a gudd midd a mir sin duerno all séier an d'Schloofsäck gehopst an hu mol gudd laang geschloof.

Donneschdes moies konnte mir wéinst dem Nuetsrally méi laang schloofen wéi



dat soss all Dag de Fall war.Nom Kaffi hu mir Porte-monnaien gebastelt. Mettes as et alt rem eng Kéier eppes gud-des vum Fanny fir an de Bauch gin.Nom lessen si mir mam Bus an d'Stadt an d'Badanstalt gefuer.Do huet et ons awer net sou gutt gefall an dowéinst si mir nach



een Tiirchen iwwert d'Fouer maache gaang.Owes hu mir eng Oofschlossvéillée mam Versprechen an mat Vertrauenspiller gemaach.(No der Véillée waren d'Kanner sou opgedréit well se deen Daag drop schon rem sollten heem goen,dass mir nach en Tour mat de Kanner "treppelen" gaang sin).



Freides hu mir agepaak,gebotzt a ger-aumt.No engem weideren Gaumenschmaus vum Fanny(am Foyer zu Luerentzweiler gekacht well d'Gasfläsch zu Miersch am Chalet eidel war)si mer nach eng Kéier mat de Kanner



an de Park gaangen. Owes sin d'Elteren komm,d'Kanner hun hiert Theatersteck nach eng Kéier obge-fouert,duerno hu mir nach zesummen een Oofschlossiessen gehaat,wou den Här Paschtouer zwee riiliise Kuchen als Dessert bäigesteiert huet.

Am groussen ganzen war et e wonner-baren Camp,mir hun all vill geléiert an souguer d'Wieder war ons treiii!

Pol a Misch

Ech war leider net um Camp derbei mai sou wéi daat do sech liest, gin ech nem-men op de nächste Camp mat, wann d'Fanny kacht.

Men





Also vun de Wellef hierer Sait aus gekuckt, war de Montéesweekend e vollen Erfolg. Begréisst gouffen se wéi an éngem richtigen Hotel, an si krutte souguer d`Gepäck op Zemmer geheit, an selbstverständlech gouf et en Zimmerschlüssel deen op kéng Dir gepasst huet.



Gudd Wieder kruten mer och wéinst deem fantastegen Transport am Zug Last class, an der Weiderfahrt per pedes an eist renoméiert Haus, ze héieren.

Mir hun eise Programm also durchgezun an fir desen Dag kouw et owes zum absoluten Héichpunkt mat eiser gemeinsamer Véillée mat uschléissender Partie mam Flossi a mam Floos.

E Bon un eis Wellef, si hun wonnerbar matgemach.

De Wellef hier Montée, wou leider just de Brian do war, hu mer Sonndes gemach, och wann d`Biber nemme Samstes do waren. Si haaten awer leider nemmen e ganz kurzen Openhalt, sou dass se sou oder sou net bei der Montée derbei si konnten.

De Brian huet séng Montée absolut secher durchgezunn, an dierf sech lo offiziell Luerenzweiler Wellefchen nennen. Fotoen vun sénger Montée kenne mer leider net präsentéieren, well de Fotoapparat sech am Besch veriirt haat, an réicht nommettes de Wee zrëck fonnt haat.

Z`iesse gouf et och, an zwar sou gudd, dass mer kuerzerhand décidéiert hun dese Menue och um Chrëschtmaart ze kachen. Bravo der Kachéquipe.

Nom lessen goufen nach éng Partie Hütten am Bech gebaut, déi mer awer lo hierem Schicksaal iwerloos hun.

Alles an allem e super weekend.

Men

# AvEx Camp a Schweden

v u m 1 7 . b i s d e n 2 8 . J u l i 2 0 0 3

## Départ 17.07.

De 17.Juli war et endlech sou wait, de Schwedecamp huet begonnen. Mir sinn moies mat den Autoen op de Flughafen Frankfurt-Hahn gefuer. Dohannen ukomm, hun de Jemp an d'Erny hiert Gepäck agecheckt. Mir sinn dun bei d'Waardeplaaz gaangen an hun op de Fligger geward. Wéi mir dun och schob al ukomm sinn, huet et iwwer de Wolleken nach no schéinem Wieder ausgesinn, awer ennendrenner war et net sou wéi erward, et war nämlech en Donnerwieder zu Göteborg, do si mer iwregens geland. Zu Göteborg si mer bei eis Jugendherberg gaang an hun eist Gepäck dogelooss. Mir hun nach eng kleng Visite gemach an dun ass et nés an d'Jugendherberg gaang, wou mir dun iwregens och geschlof hunn.

## Göteborg

Mir hun an enger Jugendherberg zu Göteborg geschlof. Duerno si mir opgestanen an hu Kaffi gedronk, an dun hu mir eng Visite gemaach, daat heescht:

Fir d'l si mir ronderemgetreppelt, duerno an de Stadpark, wou och e klengen Zoo war. Do waren kleng Schwäin, Geessen, an ech mengen och Schoof, an net ze vergiessen och Schildkröten. Mir missten gudd oppassen fir di richtig mat raus ze huelen.

Duerno si mir wéidergaang a sin dun an en aneren Zoo gaang. Do gouf et och Déieren en masse, Affen, Schlangen, Spannen....Dun hatten mir es genuch a sin zréck an d'Jugendherberg gaang. Mir hun dun do geschlof.

Christophe Schmol

## Göteborg

Der zweite Tag fing gut an. Wir wurden sehr früh aufgeweckt. Hatten gegessen (sehr gut). Wir liebten die Jugendherberge. Mittags hatten wir mega vill Spass, wir sind zu Fuss in einen Park gegangen mit vielen tollen Tieren. Dann haben wir einen grossen Elch gesehen, dass war toll. ("Jemp"). Wir gingen in einen Zoo. Da war es mega schön, die Affen waren witzig. Wir hatten die Hand auf die Schaufenster gehalten um mit den Affen zu spielen, und da war so ein Gitter. Wir haben die Finger eingesteckt und die Affen haben unsere Finger berührt. Da hat Lisa ihr Armband durch das Gitter gehalten und da hat ein witziger Affe es ihm aus den Händen gezogen. Als wir fertig waren, sind wir zu Fuss wieder zurück gegangen. Das war ein toller Tag.

Samy Wiesen

## Ukommen op der Campplaz

Wir sind auf den Campplatz gefahren. Es war im Wald, aber schön. Wir hatten Plumsklöe. Da waren Tagebücher oder wie die auch heissen. Wir haben Ernys Zelt aufgerichtet. Charel und Julie sind ins Wasser gefallen. Danach haben wir die anderen Zelte aufgerichtet. Dann haben wir uns entschieden wer wo liegt. Wir hatten einen schönen Tag. Und abends haben wir gespielt und sind dann ins Zelt schlafen gegangen.

Tanja Wiesen

## 1. Dag Hike

Haut fänke mir mat eisem Hike un. D'Erny ass eis moies géint halwer 8 erwäsche komm. Mir hun eis ugedo a mir sinn dono rop eppes iesse gaang. Dono hu mir eis e Lunchpaket gemach an e puer Saachen an eise grouse Rucksack gepaakt. Mir sinn mat der Camionnette op d'Startplaz gefouert gin. Mir haaten eis verrannt. Um halwer 1 hu mir eise Lunchpaket giess. Mir hun heiansdo eng kleng Paus gemach an op déi aner geward. Et war deen Dag waarm. Owens, wéi mir ukomm sinn, hu mir nach eis Zelter opgeriicht. Op der Plaaz do stung een Tuerm. Mir sin natierlech alleguer schnell dorop gelaaf. Dun hu mir Holz missten siche goen. Domat huet de Ben M. Feier ugefangen. Mir hun



owens eng Veillée gemach an dono e Nuetspill. Et waren 2 Equipen gemach gin, déi eng hu missten sech iwwert d'Feld schléichen fir een ze sichen, deen sech verstoppt huet. Wéi mer et e besse gespilt haaten, hu mir mam Nuetspill opgehalen an mir hu missten schlofe goen.

Anne Rommes

## 2. Dag Hike

Nodeems mer opgestan sin, hu mer mol eppes giess an dono Zelter ofgericht. Dun hu mer eis rëm op de Wee gemach. Et ass rëm bal nemmen duerch de Besch gaan-

gen an et wor net grad sou ustrengend wéi deen 1. Dag. De Jemp huet e fette Steen a sengem Rucksack matgedroen; wéi hien et rausfonnt haat, huet hien en trotzdeem de ganze Wee matgeholl. Wéi mir dun endlech op der Strooss ukomm waren, sin mir eise Bidon bei eng Fra opfelle gaangen. Vun do un si mer just nach op der Strooss an der Hetzt gaangen. Wéi dun de Ben (an de Ben) mat der Camionnette komm sin, hun si eis e klengt Stéck bis béi e Sei gefouert. An du kruten de Max an de Charel e Monsterpunkt, well de Ben gesoot hat, mir sollten bei der Strooss op si warden, waat si net gemach hun. Dono haaten se (de Charel an de Max) am Séi en Anker fonnt, deen se rauszéie wollten, mee daat war naischt gin. Ir mer gaange sin, huet de Ben nach Steng an dem Max sai Rucksack gepaakt. Deen huet zwar gesoot, daat sai Rucksack esou schwéier wir, mee en huet naischt gemierkt. Wéi mer rem op der Campplaaz waren, huet de Max sai Rucksack ausgepaakt. Hien huet zimlech blöd dra gekuckt, wéi hien d'Steng erausgeholl huet (de Ben huet eng Foto gemach) Besse méi spéit ass de Max ouni ze froen an de Besch gaangen an dat war dun sain 2. Monsterpunkt, also misst hien eleng am Monsterzelt schlofen. Am grouse ganzen: rem e fesseréschen Dag!!!!

Lisa Bisenius

## En Dag um Feather-Gromper-Camp 2003 Schweden

Programm : moies: Atelier / mettes: Wasserolympiad / owes : Nuetspill (Sangowend)

Alsooooo ... No den Fäsereschen Gromperen mat Nutella ass et moies fréi schon direkt eescht gin: Atelier! Thema wor ... ween hätt daat geduecht : WICKINGER!



Fir d'1 huet eisen Här Jean-Pierre Beck bessi iwwert déi komesch Featheren erzielt an duerno hu mer direkt d'Praxis ausgeübt !!! Daat heescht: si hun och munchmol sou Spiller gemaa, waat dann sou (ongeféier) ausgesin huet : (Photo mat ExtreemBaumstammWerfung) oda Seelzéien Avex - Cheffen, natierlech kloeren Sieg vun den Avex !

Nom ExtreemEssenFressing si ma (natierlech min. 2 Stonnen waarden) dann an deen feather-kaalen Séi schwamme gaang. Genaueholl: eng Waasserolympiad. Patrull Shutton-Öl géint Patrull Öl! Résumé: D'Spiller waren feather, mee d'Wieder wor nit grad daat allerbeschend! Feathernamol. Bon egal, mir sin Scouten!!!

Owes hu mer - keen wees wisou - keen Nuetspill gemacht, mee dofir awer en gemütlechen Feather-Sangowend beim Lagerfeier. Vue que datt mir alleguerten sou iwwerzeegend an wonnerschéin sangen kennen .... huet de Félix (eisen haitzianeschen Kolleg) eisen Owend e bëssen entertaint! (Waat kenne mir dofir, dass mer et nët am Bludd hun!)

Alles an allem .... t'war rem alles dem Lisa seng Schold! An zum Oofschloss hun mer alleguerten dem Erny nach eng iuut Nuecht gewënscht! NUCHE ERNY

Julie Jacobs

## Kanu fueren


Also deen Dag sinn ech moies am Monsterzelt erwäsch. Di aner hunn all am Zelt geschlof. Dun hate mir fir d'Moiesiessen giess. Duerno misste mir eis Rucksäck packen fir Kanu fueren ze goen. 1 Rucksack zu 3. Déi 1.sechs, déi färdeg waren, goufen als 1. bis bei den Kanuverlounstand gefouert. Du misste mer op déi aner warden. Duerno ware mir d'Fra sichen gaangen, där d'Kanu'en geheiart hun. Mir hun hir d'Geld ginn, elo hätt d'Fra just nach missen d'Kanuen op

d'Waasser sätzen missen, wat se och direkt gemacht huet. All Kanu haat 3 Plaazen. All Kanu haat nach e bloen



Behälter, wou mir eis Saachen, déi am beschten net sollte naas gin, dra maache konnten, wéi z.B. Fotoapparat, frësch Kleeder, Duch, asw. Endlech konnte mir fort fueren. Mir haaten 5 Kanu'en gelount. Am 1.Kanu waren de Félix, de Charel an ech, am 2. d'Julie, d'Lisa an de BenM, am 3. de Christophe, d'Jil an de BenB, am 4. d'Tanja, d'Samantha an d'Anne, an schlussendlech am 5. d'Erny, d'Anne R. an den Elch. Du si mer engem Floss nogefuer, deen och ënner grouss an kleng Brécken drënner erduerch leeft. Well awer Kanufueren ustrendend ass an d'Ärm wéi gedo hun, hu mir dun och schon gläich eis 1.Paus gemaa. Mir sinn dun direkt un d'Ufer gefuer a sinn aus dem Kanu erausgeklommen. Mir konnten och schon eist Lunchpaket iessen, wat mir eis nach op der Campplaz gemacht haten. Du si mer wiedergefuer, mer haten emmer d'Plazen am Kanu ofgewiesselt, sou dass jiddereen eng Kéier konnt d'Kanu lenken. An elo get et spannend, well elo kennt e kleng Stuerm. Mir missten nach just e puer honnert Meter fir bis bei d'Ufer fueren, die aner waren schon all ukomm ausser mir. Mir koumen einfach net méi vun der Plaz, d'Kanu gouf die ganzen Zäit an déi aner Richtung vum Wand gedréckt. Dun huet et schon ugefaang, de Félix huet seng Kapp

verluer, alt rem siche gaang. Du si mer duerch de Schilf op dat anert Ufer gefuer. Mir sin aus dem Kanu gelaaf fir hinnen ze weisen, dat si eis solle siche kommen, wat si dun och gemacht hun. De Jemp an de



BenB hun eis dun op dat anert Ufer bruecht. Et haat gereent an et war kaal. Also hu mir e Feier ungefaang, hun eis anescht ugedoen an hun eppes giess. Wéi d'Sonn dun nés rauskomm ass, si mir wieder gefuer. Du misste mir duerch en riesegt Schilffeld fueren, waat zimlech cool war! Dun hu mir eis op den Heemwee gemacht. Schlussendlech sinn mir dun awer nach schwamme gaang. Mir sin op d'Fielsen rop geklomm an erof gesprong, desto méi héich, desto besser. Du si mer awer schlussendlech heem gaangen. Dat war en ustrengenden awer immens coolen Dag!

Max Beck



## **Avex Weekend zu Ischpelt**

Um 2 Auer mettes hu mir eis zu Lëntgen op der Gare getraff. Mir si mam Zuch op Ettelbréck gefuer a mir sin dann emgeklomm a wéider op Klierf gefuer.

Wou mir ukomm sinn, huet de Jemp eis eng Kaart ginn a dun sin d'Chefen fortgefuer, awer de Ben ass mat eis ze Fouss bei de nächste Bréif gaang.

De Max hat d'Kaart, mä leider hate mer alleguer nët gudd genuch op d'Kaart gekuckt. Mir haten dee falsche Wee geholl, awer zum Gléck ware mer nëmmen 300 Meter laanscht de richtig Wee gaang. No dësem Tëschefall ass alles gudd gelaaf. Mir sin awer nach ukomm. Dun hu mer eis ageriicht an hate mer e bësse Fräizäit. Mee du gouf et eppes guddes ze buffen. Duerno hate mer eng Veillée.

Um 11 Auer hate mer e Nuetspill gemaakt. Dun hu mer misse schlofe goen.

Moies hu mer mam Diabolo gespilt a mir hu jongléiert. Da gouff et eppes ze buffen. Duerno hun de Max, d'Rommes Anne, de Christophe an ech eise Start gemacht. Da goufe mer mat deen Autoën an d'Abtei gefouert. Duerno si mer erof bei d'Schlass gaang, a sinn um Panzer geklootert. Da gounge mer bei d'Gare a sinn an den Zuch geklomm a mer sinn zu Ettelbréck rausgeklomm.

Mee do hate mer den Zuch fir op Lëntgen verpasst. Awer de Jemp ass eis mat der Camionette siche komm, sou dass mer heem komm sinn.

Christian Treinen

## Avex Weekend

### zu Medernach

Am Samstag, den 21.06.03 fuhren wir ins Phantasialand nach Brühl. Um 7 Uhr mussten wir beim Foyer sein. Wir fuhren ungefähr um 8 Uhr von Lorentzweiler weg. Tanja, Samantha, Anne R. und ich fuhren mit Jemp im Auto. Den Rest von den Avex fuhren mit Anne M. und Ben M. in der roten Camionnette. Die Wöllefcher waren auch mit, aber sie fuhren mit 2 blauen Camionetten. Die Reise dauerte ziemlich lange, aber wir sind ja auch ein paar mal stehen geblieben. Als wir im Phantasialand waren, holten Jemp und Ben noch schnell die Tickets, und dann konnten wir gehen wie wir wollten. Wir amüsierten uns alle super gut auf den Spielen. Um 12 Uhr mittags haben wir uns getroffen und haben zusammen gegessen. Danach konnten wir machen was wir wollten. Wir mussten uns aber wieder um halb fünf treffen um weiter nach Medernach zu fahren. Als wir dann in Medernach angekommen waren, holten wir das Gepäck aus dem Auto und trugen es auf unser Zimmer, wo wir uns ein Bett auswählten. Wir richteten uns im Zimmer ein, packten unsere Sachen aus, und machten das Bett schon bereit. Als wir damit fertig waren, musste Julies Patrouille kochen. Wir haben pain perdu gegessen. Nach dem Essen musste Charels Patrouille abspülen. Als sie dann fertig waren, machten wir ein Nachtspiel. Wir mussten im Wald eine Gruppe finden. Fast alle zwei bis drei Minuten piff diese Gruppe, damit wir erkennen sollten wo sie sich versteckten. Die Gruppe die sie als erste fand, durfte sich wieder verstecken und immer so weiter. Das Spiel war am Anfang ganz ok und machte Spass, doch danach wurde es langweilig. Jil, Anne R., Christophe und

ich sassen uns einfach auf den Boden des Waldes und schauten den Glühwürmer nach. Als wir dann endlich mit dem Spiel aufhörten, machten wir ein Lagerfeuer. Als wir dann ins Bett mussten, sangen wir als Abschluss noch ein Lied. Müde stiegen wir dann die Treppe hinauf, wir hatten den Pyjama angezogen und die Zähne gewaschen. Dann konnten wir endlich in Ruhe schlafen und träumen.

Doch schon am nächsten Morgen kam Ben B. mit den Gamellen um uns zu wecken. Ich habe mich so erschreckt. Doch wir waren schnell auf den Beinen. Nach dem Frühstück mussten wir spülen. Nach dem Spülen mussten wir unsere Sachen packen gehen. Dann mussten wir in den Wald gehen um einen Spiess zu machen. Als der dann fertig war, mussten wir Holz suchen gehen, um das Lagerfeuer anzuzünden. Als wir damit fertig waren, haben wir eine Wasserschlacht gegen Jemp, Ben M. und Ben B. gemacht. Zum Schluss waren wir alle pudelnass. In der Sonne haben wir uns ziemlich schnell getrocknet und dann sind wir essen gegangen. Wir grillten Thüringer und assen Kartoffeln in Silberpapier. Nach dem Essen mussten wir noch den Chalet sauber machen. Und danach konnten wir machen was wir wollten, bis die anderen (Chefen) fertig waren mit putzen. Dann packten wir unsere Sachen in den Wagen und wir sind in die Fiels gefahren. Dort tranken wir etwas, und dann sind wir die Burg gesichtigen gegangen. Es war ein langer Weg zur Burg!! Als wir fertig waren, bekamen wir noch ein Eis spendiert. Nach dem Eis war es auch schon Zeit nach Hause zu fahren. Im Foyer angekommen, warteten auch schon unsere Elteren. Wir freuten uns um endlich wieder nach Hause zu gehen.

Tschau, eure ...

Melissa Palmisano



# Slovenija 2003

## 16. - 28. Juli

## 16. / 17. Juli

Départ um Glacis 18:00. Mir hun zwar schon um 16:30 missen do sin! Rees: Mir soutzen 17 Stonnen am Bus!9 Op der Grenz sin 2 Leit net eragelooss gin, déi sin dun zréckgefuer. Wéi mer do waren hun mer ugefaangen d'Zelter opzerichten. Dun hun mer matt den Konstruktiounen ugefaangen an fir Mettegiessen haaten mer eng Lionerwurst kritt. Wéi mer baal matt den Konstruktiounen färdeg waren (auss-er d'Kichen) huet etgehiirlos ugefaangen matt schiffen. Do hun mer erausfonnt, datt een Zelt net dicht war an een aanert falsch opgericht war!!! (Stress!!!) Owes hun mer gudd 'geschloof'. Virun allem ech, well ech an der Nuecht gemierkt hun dass Waasser an d'Zelt gelaaf ass an hun dun emol d'Zelt



## 18. Juli

provisoiresch gefléckt, well ech e bëssen  
am Waasser louch. Owes haaten mer  
ausserdeem nach eng 'Zopp' an 2  
Wirschtercher kritt.

Moies opstoen um 8 Auer. Gudd vill am Waasser gepennt a gudd granzeg erem eng lecker Wurscht giess. Dun hun mer emol de Camp eröffnet. Déi éischt Outdooraktivitéit war Rafting! Deck gudd mee e bëssen freckt! Dono hun mer giess a mer waren wa mer wollten vun enger Bréck gesprongen a virdrun konnten mer 'Body-Surfing' maachen. (Einfach vun der Stréimung dreiwien loossen) Deen eenze-gen Problem: d'Waasser haat nëmmen 3°. Dono waren mer eng Schlucht besichte-gen. An déi war zimlech cool, an do waren Fëschchen!! Dun hun mer baal 2 Stonnen op de Bus gewaart an sin nach op Blöd, eh, Bled gefuer. Do hun mer e bëssen Dommheeten gemaach an du sin mer zréck gefuer (op de Camp).

Owes : Eröffnungsvéillée an Kenneléierspill. Nodeems mer eis owes op der Haapt-Souscamp Platz versammelt haaten giong et lass matt engem Spill wou jiddereen wéi mell ronderem gelaaf ass. Dono giong et weider matt e bëssen

**Sssssssssssssssssssssssssssssssccccccccccccccccc**



Musék an dun sin emol d'Leit matt deenen verschiddenen Responsabilitéiten firgestallt gin. Weider ass et gaangen dass sech déi eenzel Truppen selwer firgestallt hun an daat matt Lidder, Gedichter oder soss eppes.

## 19. Juli

Moies noom lessen ass et ugaangen dass mer um Chantier hun missen schaffen. Wou d'Tribünen Mettes dun all opgebaut waren, gouf et keng Arbecht méi. Dofir ass virgeschloen gin op den Séi ze goen. Natirlech hun mer daat dann och gemaach.

Geint 22:00 hun mer eis op der Haapt-Souscamp Platz getraff. Do ass dun erkläert gin wéi d'Nuetsspill sollt ooflaafen: matt den Täscheluuchten Morsezeechen un eng aaner Grupp weiderschecken. Wou mer dun an den Bösch gaang sin, goufen et déi éischt Problemer. E Mann huet gemengt sain Terrain matt enger Axt ze verteidegen. Dorops hin ass daat ganz Nuetsspill oofgeblosen gin.

## 20. Juli

Moies ass et lass gaang matt Raften. No allen Expliquatiounen ass et dun weider an d'Waasser gaang. No all Action an Ustrengungen hun mer eis dun durch d'Stréimung dreiwien gelooss. Matt genuch Courage hun sech e puer Leit matt voller Kraft vun der Bréck an d'Waasser gehait. Wou mer hongreg an midd genuch waren hun mer eis mol eng Paus gegönnt fir Mettes erem fit genuch durch d'Schluchten ze trëppelen. Méi spéit am Metten sin mer nach op Bled op engem Maart spazeieren gaangen.



## 22. Juli

Majo haut sin mer den 2ten Deel vun eise Hike gaangen. Deen war vill méi relax wéi deen éischten. Am Ufank sin mer nëmmen riicht gaangen an dono e bëssen vill Biergoof. Et hun vill Leit hier Knéien bëssen gehaat. Pausen hun mer och oft gemaach, well mer ëmmer Honger haaten. Déi lescht puer Meter hun mer nach e bëssen féx gemaach, well mer onbedengt wollten ukommen. Jo dono hun mer relaxt an zwar beim Séi. Mir sin bëssi gezappt gin, mee bon!! An elo hun mer grad eppes Guddes gebufft.

## Hike

E puer Deeg virum Hike sin e puer Horrorgeschichten vum Souscamp 1 eriwergeschwappt; dee Souscamp haat den Hike nämlech schon hannert sech. An daat waren Horrorgeschichten par excellence: Vun "an der Daischtert op gletscheschen Stëng ronderem kraxelen" bis "gebrachen Hëften" war alles mat derbai. Panik! Wou d'Aschreiwungslëschten fir dei verschidden Schwieregkeetsgraden dun ausgehaangen goufen, ass d'Remplerei ugaangen. Et goufen nem-

ccccccchhhhhhhhhhhhhhhhhhhhhhhhhhhnitchen !!!!

men begrenzten Plaazen am "liichten" Hike, zum Glick konnten mer eis awer all do aschreiwen. Den Staff haat awer e Problem domadder, an esou hun den Misch and den Schnittchen dun den mët-telsen Hike misse maachen. Moies um 7 ass et dun lassgaagen. Mir goufen an Gruppen vun 8 Scouten an 2 Cheffen opgedeelt, mir sin den Ravi sichen gaangen (4 Kilo Brout, 4 Kilo Schokela (!!), and virun allem: Wurscht, Limettwurscht an Smokuska), an dun hun mer eis op den Wee gemacht. Et ass de Bierg erop gaangen, mee eigentlech war den Ufank nach richtig relax, an et konnt een d'Landschaft genéissen. Méi spéit ass awer e "Stéckchen" erop gaangen, an daat awer richtig, richtig géi. Et gouf geschweest a geflucht, mee no endlosem Gekraxels sinn mer och déi krass Steigung erop komm. Dun gouf mol richtig gudd giess ( wann een daat waat mer haaten lessen nënnen kann), an dun sin mer nach e puer Kilometer bis op d'Hütt gaangen. Um 4 Auer gouf et dun traditionellt slowenescht Owesiesen; Sauermellech, Brach, Gromperen, an nach esou en Gemëchs waat anscheinend Fleesch war. Mir hun dann an der Hütt iwwernuecht, an den nächsten Daag sin mer rem oofgestiegen. Wou mer dunn ennen waren, ongeféier nach 1 Kilometer vun der Campplaatz eweg, wollten eis Hike-Cheffen dass mer nach en klengen Tierchen ronderem de Sei maachen (!!!!12 Kilometer!!!!). Mir hun gestreikt an sin eng 20 Minuten méi spéit gebrach, mee erlichtert an sangend op der Campplatz ukomm.

Leider as eist Camp-Logbuch (amfong wor et emol kee Buch mee éischer sou een winzegen Notizblock wou een dräi Wieder op eng Säit krut huet) irgendwéi vernoléissegst gin an, sou datt leider net méi Berichter iwert de Camp do sin :(

## Weekend mat Behënnerten op der Paafemillen

Mir hun eis zu Lorentzweiler op der Gare getraff, wou mir mat der Camionnette op Miersch op d`Gare gefuer sin, wou mir eis mat deenen Behënnerten getraff hun. Dun hun mir sie an d`Camionnette gelueden. Um Wee fier op d` Paafemillen hun mir eis gudd mat hinnen ameséiert. Mir hun mat hinnen gesongen an gudd gelaacht. Si hun eis och verzielt, waat sie esou den ganzen laangen Daag iwwer maachen. Wéi mir dun ukoumen hun mir eis ageriicht. Spéider sinn mir mat hinnen bis op Elwen getréppelt an

***“Virwaat? ... Wisou? ... An dono? ... An dann? ... An wéi?”***

dun sin mir all zesummen an e Café eppes drénken gaangen. Wéi mir nees beim Chalet waren, hun mir eis mat hinnen op enger Spillplaatz ameseiert. Géint 7 Auer hun mir eis eppes Guddes gekacht. Owes haaten mier dun eng Veillée wou den Flëpp mat der Guittar gespillt huet an mir dobei gesongen hun. Dun hun mir déi Behënnert an d`Bett gescheckt. Mir Carapio soutzen dono nach zimlech laang do.

Moies \*GAAPS\* noom Kaffi hun mir matdeenen Behënnerten zesummen hinnen Fueskichelcher gebaak. Noom Mëttegiessen hun mir mat hinnen mam Fallschirm gespillt. Mier sinn och mat hinnen bei d`Waaser getréppelt. Dun kruut d` Anouk eng vum Wesna gedonnert. Wéi et un der Zait war hun mir eis 7 Saachen gepaak an sinn nees Heem gefuer. Do haaten mir zwee schéiner Deeg hannert eis.

Anouk & Tammy

# Buergbrennen 2003

Et war wéi all Joer em déi Zäit net immens warm. Et war Buergbrennen. Wüke dass anscheinend schon di eng oder aner Buerg an der Noperschaft oofgefaackelt gin ass, hun eis Chef sech geduecht mir kéinte jo drop oppassen. Mir hun also owes do, op enger mega-relaxer Gromperesaackfotell geschloof. Well mer su laang op d'Buerg opgepasst hun ass et spéit gi wi mer gepennt hun. Den Nico an de Ben sin och irgendwann eng Keier komm an hun am Nico sengem Auto geschloof. Wi ech moies owecht si war na kee vun eis op. D'Feier huet zwar gebran-



nt an t'war e komeschen Tippchen do deen am Feier gewurschtelt huet an heins-do mat engem imaginaire Gewier probéiert huet richtig Vullen ze erschéis-sen an dobäi su eppes wi : "Quick Bone" geblärt huet. Den Nico an de Ben di krut ech net erwecht also hun ech mol di aaner erwächt. Irgendwann sin den Nico an de Ben dann och opgestaan a well mer deen Tippchen net lass gi sin huet de Ben d'Police geruff di e matgeholl hun.

Duerno hu mer da mat deenen aneren



d'Buerg färdeg opgeriicht. Mettes ass gegrillt gin an owes d'Buerg verbrannt gin woubäi der FNEL hirt Zelt zimmlech futti gang ass. Datt ganzt war awer zimlech ospektakuläir, wann ee bedenkt wat mer moies erlierwt haaten a waat dono beim raumen (ech mengen t'war eng woch dono) geschitt war (verschidde Leit haaten nämlech beim Raumen e Feier gemach a sin dun een drenke gang. Op eemol haat dun de ganzen Hiwwel gebrannt an d'Pompjeen hu misse kommen).

Et war alt wi emmer; e ganz normalt Buergbrennen.



## Weekend mat der R  gional  quipe op der Paafemillen mat de Scouten vun Bartreng, Kiem, Lampertsbiereg, Walfer

Endlech Samsdeg. De Rucksack gepackt an op Luerenzweiler op d'Gare, wou mir sollen den Zuch huelen. Natirlech ass jo och jiddereen rechtzaiteg pr  sent, wei dat bei eis emmer as! Dann warden mir alt op den Zuch ... ! Schlussendlech ass den Zichi jo och do, mee all dei aaner Scouten sinn net dran! hmmm?!? Mir setzen eis an kucken emol op de Plang, deen



d'Carole dem Sven gin huet, mee deen Zuch wou mir elo sollten dran setzen, as en Schnellzuch an deen ass firdrun lantscht eis gefuer! Also fueren mir alt mat desem Zuch op Elwen, wou d'Carole an den Tom vun Walfer jo och schon op eis warden!

Op der Paafemillen ukomm, schnell de Rucksack an d'Zemmer geknetscht an dann geet et och schon weider mat engem Kenneleierspill! \*YUPPI\* Duerno hun mir ons an sou Atelier'en ageschriwwen, dei iwwert d  i 2 Deeg daueren. Mir haaten d'Wahl zweschent Naturtechniken, Fotostorie an e Batch fir den "R  gional  quip Zentrum" entwerfen. Mir hun och schon direkt fl  isseseg ugefaang!!! Duerno haten mir bessi Fraizait, hun mat deenen aaneren geschwat oder soss

eppes gemacht, objiddefalls ... \*deck relax\* Mei speit hu mir dun iergendeppes leckeres genammt, gespullt an dun haten mir eng Veill  e dei aus engem Quiz bestanen huet! \*toll\* Nach mei speit hun mir dun nach en Nuetsspill gema ... wei bal emmer STRATEGO! Jo, mee et kann een sech dat Spill och einfach relax gestalten, sech an de Besch setzen an mat deenen aaneren schwetzen, sou wei vill Leit vun ons et gema hun! Duerno hun mir ons rem geigensaiteg an den Chalet geschleeft, well deen een den Fous verstaucht hat an deen aaner op d'Sabbel gaang ass, deen n  chsten as ausgerutscht ... ! Mir soutzen dun nach eng Zaitchen zesummen hun Tei gedronk an hun gelaacht, gebraddelt, Schais gebaut ... \*eieiei\* Duerno ... GUDD NUECHT, schloft elo alleguer dir leif Carapio!

Bon, mir sollten emol schlofen, mee sou richtig huet dat net geklappt. An kengem vun den Zemmeren: et gouf nach gelacht, Kammelen gebufft, ... ! Den Fr  nk vun de Bartrenger (eisen Fr  nk ass neemlech meeega relax) koum oft genuch erop fir ze maulen, mee e krut ons net sou richtig roueg, bis mir bal hu missen laafen goen! \*OOPS\*





De Moien drop...\*GAAAPS\* "Oh nee, mir wellen nach net opstoen!" "Looss eis nach schlofen!" Dat üblecht eben. Dann trotza-llem sinn mir natirlech deck motiveiert opgestaan an sin Kaffi drenken gaang! Duerno ass et och schon weider gaang mat den Atelieren an d'Natuertechniker hun ons eng prima Pizza am selwerge-basstelten Pizzauewen gema, vun der mir dun och en Steck geschmacht hun! Duerno gouf et zu Metteg z'iessen an dann goufen och nees d'Ruchsäck gepakt! \*ohjooo\* Mei speit goufen nach dei lescht Détailler un de Fotostorien verbessert an dono hu mir se zesummen



gekuckt! Dun hu mir nach deck motiveiert den Chalet gebozt an dun ass et och schon zu Fous op Gare zu Elwen gaang, wou mir nees den Zuch geholl hun fir Hemm bei d'Memm! \*achnö\*

Trotz allem wor et awer en meega relaxen Weekend an mir hun ons prima amiseiert! \*YUPPI\*

\*GUDD NUECHT\*

Catherine

## Weekend zu Weicherding

11. / 12. Januar 2003

Et war Samsten an et war eiskaal. Eis Cheffen hun eis an iergend engem klengen Diefchen rausgelooss an hun gesoot mer sollten zu Fouss bis bei den Chalet goen. No ongefeier 2 Stonnen war et dunn sou kaal dass mer den Bus geholl hun. Dunn sin mer zu Weicherding an en Café gang an hun en Schocky gedronk. Iergendwann sin mer dann endlech ukomm. Waat mer dunn gemaat hun wees ech net méi. Als Owesiessen kruten mer Tortilla'en, déi waren ganz gut. Owes hun mer dunn eist Lieblinsspill gespilt. Mer hun bestëmmt nach eppes anecht gemaat, ech kann mech awer net méi sou richtig erennen.

Den nächsten Moien sin et dunn wéi ëmmer Kelloggs gin. Den Nico kouw dunn aus dem Besch an sot dass den Sei zougefruer wier. Dat war natirlech eng wonnerbar Saach. Nom lessen sin mer dun all roofgang an hun en Wettrutschen gemaat. Wann ee schnell genuch war dann ass ee souguer bis op die aaner Säit komm. Wéi mer dunn alles wéih haaten vum villen Trelen sin mer den Chalet botzen gaang. Dono si mer op keng Ahnung wouhin gang (wees natierlech erem net méi wouhin). An do hu mer dunn eis AVEX begéint dei och op engem Weekend waren. Geint halwer 5 si mer mat der scheiner Camionette häm gefuer.

Mich

## Weekend mat der RÈgionalÈquipe zu Brugges

Et ass Freides um Glacis mam Bus fortgaagen. All d'Saachen an de Bus geklaackt, sech gesaat a lass ass et gaang. No enger gudder Zäitchen waren mer dun am "Paradise of beer", dat heescht zu Brugges. Do hu mir mol gepicknickt an duerno di mir truppeweis op irgendwéi esou en komeschen Rallye duerch Brugges gescheckt ginn! Ennerwee hu mir eis mat den Belairer, Lampertsbierger an Briddler zesummen gedoen an dun sinn mir zesummen weitergetrëppelt!

Dat wor jo vill méi leschteg! \*GRINNS\* Déi Bartrénger wollten jo net mat eis goen! No enger Zait, vill Schwees an net vill Resultater sin mir dun um Ziel ukomm an schliesslech eng Beierbrauerei besichtigten gaangen! \*YUCHE\*

Duerno nach bis bei den Bus gelaatscht andeems mir eis honnerttausend Mol verlaaf hun! \*OOPS\* Dunn op der Campplatz ukomm, sin mir fir unzufänken net mat eisen Zelter eens ginn, mee am groussen Ganzen sin déi Luerenzweiler jo bekannt dofir, dass sie net eens gin!

Owes hun mir dun sou en komescht Spill



am Bösch gemacht, kann mech net mei genau erennern! \*hihi\*

Moies rem fréi opstoen! \*GAAPS\* Eis ugedoen, eppes giess an op d'Plage gefuer an do hun mir en Sandbuergbaukonkuer gemaach! Duerno dann en Sandwich mat Ham, Keis, Kornichong...an Sand gebufft! \*LECKER\* Mettes dun hu mir eng Olympiad op der Plage gemaach, an eis en gudden Sonnebrand agefaang!

Méi spéit sinn mir zreck op d'Campplatz gefuer, mir hun geduscht an nemmen nach gejeimert, well mir deck krassen Sonnebrand haaten! \*AUA\*


Duerno hun mir giess, gespult an bessi mi spéit "Wetten Dass..." gespielt! \*BLAM-AGE\* Duerno nach Stratego gespielt - d.h. eis an den Hecken verstoppt- \*hihi\* an dann féx an de Schloofsaak!

Moies nees \*GAAPS\* fréi opstoen! Dun hun mir genammt an sou komesch Atelieren gemacht, wéi zum Bleistift: Mandala molen, Salz fierwen, Flooss bauen, Bodypainting oder Petitbeurreskuch machen...! Zu Metteg gefruppst, d'Saachen gepaakt an Heem gefuer!

Am Bus gudd gepennt iwwert d'Kéi an d'Berreten geschwaat...! An dun wor och schon nees en gailen Weekend um Enn \*HESME\* ;)

Majo ne! Sorry fir meng Feeler! \*OOPS\*

Catherine



### Waat as den JOTI?

Den ‚World Scout Jamboree on the Internet‘ (JOTI) as en internationalen Scoutstreffen am Internet, dat al Joers um 3. Oktoberweekend stattfent.

Den JOTI mecht et meigleg, Kontakter zu anneren Scouten an der ganzer Welt opzebauen an sou mei iwwert deren Alldaag- an Scoutsliewen gewuer ze gin. Seit 1996 as den JOTI eng offiziell Veranstaltung vun der ‚Weltorganisation der Pfadfinderbewegung‘ (WOSM).

Sou hun mir RaRo eis den 19 Oktober am Jugendhaus zu Lorentzweiler getraff fir mol deen JOTI besichen ze goen. Mir sin baal all mat der nämlegter Erwaardung dohinner gang, an zwar dass dat ganzt wahrscheinleg sou-vi-sou nemmen op eent eraus as: Flirten. Mir hun net ganz Onrecht behaalen....

Et war zwar interessant an die verschidden Channels luussen ze goen, wie eng Sproch dann do gequaslet get. Sou sin ech mol an den Channel vun Kroatien gaan-gen, wat ganz witzeg war. Puer Letzeburger hun mir och nach am Daitschen Channel begeint.

Wat mech lo perseinlech gefreet huet, as

dass mir en Kontakt aus Bolivien/Südamerika gemeet hun. Den Jong heescht Daniel an mir hun mat him op Daitsch geschwaat. Dat konnt hien nawell gut. Mir kucken vlait fir en Foulardtausch ze maan. Mir hun hinnen och vum groussen internationalen RaRo-Camp next Joer hei zu Letzebuerg gezielt, an si wäeren schon bereed ze kommen, mee et muss een nach dat finanziellt kucken.

## “NORDPOL! Schreiw NORDPOL!”

Et war och en Quiz-Channel do, wou mir eis och köstleg amüseiert haaten.

En klengen Beschass zum Quiz: Welche Farbe hat der Bär? Sven: NORDPOL! Schreiw NORDPOL!

Mir waren souguer eng Zeit op der 1. Platz!!

Vlait sin mir next Joer jo nees dobei.

Mireille

# Mir waren mat dobei!

Hei sin just déi Leit opgelëscht, déi hir Cotisatioun bezuelt hun an dofir och op där offizieller Memberslëscht vun 2002/2003 vum Verband stoungen.

## BIBER

Monia BODE  
Tom BODE  
Gilles COLLING  
Jules FOXIUS  
Martine GROFF  
Julie HARY  
Olivier KIEFFER  
Pit KRIER  
Philippe MOULIN  
Liz PAUTSCH  
Cendrine PETERS  
Rick RODERES  
Mike SCHLEICH  
Linda SCHMIT  
Brian TONEY

## CHEFFEN

Renée BIDOLI  
Chantal KIEFFER-EVERAD  
Elisabeth KRECKÉ  
Annick MENSTER

## WELLEFCHER

Julie BECK  
Lena BIDOLI  
Charel BODE  
Carole BORDEZ  
Florence DE DOOD  
Laetitia DOS SANTOS  
Ben ECHTER  
Melanie FETTES  
Rachel GONNER  
Liz HARY  
Francis KRIER  
Chiara LANGERS  
Jeff ROMMES  
Tammy SCHLEICH  
Nora SCHMIT  
Carole SCHMOL  
Mandy THOMA  
Fanny TOISUL

## CHEFFEN

Fanny BICHLER  
Danielle BRÜCK  
Germain FOURNELLE  
Tessy HÖFLIGER  
Marianne JACOBS  
Melanie MASSOL  
Julie WENGER

## AVEX

Max BECK  
Charel BIDOLI  
Lisa BISENIUS  
Julie JACOBS  
Melissa PALMISANO  
Anne ROMMES  
Christophe SCHMOL  
Jil SCHOSSELER  
Christian TREINEN  
Samantha WIESEN  
Tanja WIESEN

## CHEFFEN

Jemp BECK  
Ben BISENIUS  
Cathy JUNIO  
Anne MOLITOR  
Ben MOLITOR  
Ernestine MULLER

## CARAPIO

Michel BRÜCK  
Paul BRUCK  
Caroline COLBERT  
Chatherine HANCK  
Sarah JACOBS  
Eric LARSEL  
Conny LEHNEN  
Tammy RINNEN  
Pol SCHINTGEN  
Anouk WILTGEN  
(+ aaner Cheffen)

## CHEFFEN

Fränk BOURMER  
Sven LINCKELS  
Myriam MAES  
Carole NEY  
Nico PANETTA  
Ander SCHROEDER

## RARO

Mireille PEUSCH  
Liliane STAUS  
(+ aaner Cheffen)

## CHEFFEN

Sven LINCKELS

## 5. BRANCHE

Patrick GALBATS  
Marc JEGEN  
Patrick LECLERC  
Nicole LECLERC-FELTES  
Georges MENSTER  
Marc MOLITOR  
Alain PAULUS  
Marc SCHROEDER  
André THEISEN  
Roby THEISEN  
Patrick WEBER  
Manon WEIS  
Annick WEISS  
Philippe WENGER  
(+ aaner Cheffen)

## MATAARBECHTER

Pascal FEHLEN  
Lucien WEYERICH  
Christophe WIROTH  
(+ aaner Leit déi keng Cotisatioun bezuelt hun)